NATIONAL - ARMAND CLESSE VERURTEELT

# Geldstrof vun 100 € an de symboleschen Euro als Schuedenersatz fir 2 Jeeër

Vum Eric Ewald (Radio) | Update: 07.02.2020 10:06



**Dat war d'Urteel um Freideg de Moien um Dikrecher Geriicht am juristeschen Nospill vun eiser Emissioun "Background" vum Februar zejoert iwwert d'Juegd.**

Den Armand Clesse war jo vun zwee Jeeër, ënnert hinnen de viregte Pressespriecher vun der Jeeërfederatioun Marc Glesener, ugesicht ginn, dat wéinst Aussoen an där Emissioun.

De fréieren Direkter vum „Institut d'études européennes et internationales" hat vun deenen zwee Jeeër virgehäit kritt, der Éier vu Jeeër geschuet ze hunn, dat zu verschiddenen Zäitpunkten. Ënner anerem hätt de Politolog ëmmer nees erkläert, d'Jeeër wäre Mäerder, déi also mat Virsaz doutmaache géifen, woufir déi zwee Männer all Kéiers 2.500 € Schuedenersatz gefrot haten.